



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 8266 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

Ad 1) an 2)

Den Artikel 18 vum Gesetz vum Lycée Ermesinde (*Loi du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote*), dem fréieren *Neie Lycée* oder *Lycée-pilote*, gesäit effektiv eng Evaluatioun vir: « *Le fonctionnement du lycée-pilote fait l'objet d'une évaluation continue et un bilan est établi au plus tard cinq années après l'entrée en vigueur de la présente loi.* »

De Bilan ass 2011 gemaach ginn, an zwar vun der Universitét Lëtzebuerg a vum Professor Baudouin Jurdant vu Paräis. Béd Evaluatioun si global positiv a kënnen um Internet-Site vum Ministère consultéiert ginn (<https://men.public.lu/fr/publications.html>).

D'Evaluation continue, déi am Gesetz virgesinn ass, gëtt zanter 2005 zwee Mol am Joer vum Comité d'évaluation et d'innovation pédagogique (CEIP) gemaach. Dëse Comité kënnt all Joer am Januar an am Juni jee weils dräi Deeg an de Lycée Ermesinde. Dëst Joer am Juni war et déi 29te Kéier.

De Comité huet eng prestigiéis Besetzung mat internationalen Experten

Bei all Sessioun besteet ee Programm, deem de Membere vum Comité et erlaabt, an déi verschidden Domainen vun der Schoul eranzegesinn, sech ee Bild ze maachen, a bestëmmte Konzepter mat der Direktioun vun der Schoul duerchzediskutéieren.

Ad 3) a 4)

De kommerziellen Aspekt vun de sougenannten Entreprisë vum Lycée Ermesinde (LEM) ass bei Wäitem net esou developpéiert wéi deem, deem am Projet vun enger École Nicomaque virgesi war. En ass deemno onproblematesch a vermëttelt de Schülerinnen a Schüler ee gudden Abléck an d'Beruffsliewen.

Dëse "spezifische Volet" ass schonn e puer Mol vum uewe genannte CEIP evaluéiert ginn. D'Membere vun deem Gremium hunn ëmmer erëm op d'Komplementaritéit vun de sougenannten Haiser vum LEM an den Entreprisë gepocht a virun allem guttgeheescht, datt d'Schüler an den Entreprises duerch de Kontakt mam Publikum de Bléck no bausse kréien.

Ad 5) a 6)

Zanter 2018 huet eis Schoullandschaft sech diversifiéiert, fir de Besoine vun eiser Gesellschaft gerecht ze ginn.

Dobäi ass de Fokus engersäits op nei Sektionen a Formatiounen souwuel am Enseignement secondaire wéi an der Formation professionnelle geluecht ginn; dës nei Ausbildunge sollen de Schüler et erlaben, e positive Choix beim Aschloe vun hirem zukünftigen Ausbildungswee ze maachen an zugleich hir Studéierfäegkeet assuréieren.

Anerersäits ass mam Ausbau vun der internationaler Schouloffier probéiert ginn, der Sproocherealitéit zu Lëtzebuerg Rechnung ze droen.

Lëtzebuerg, den 11 Oktober 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH